

**Evangelium vum Héichfest vum hellege Jouseph [19. Mäerz]
(Joer A - B - C)**

Mt 1,16.18-21.24a

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
A. *Dir all Éier, Här.*

- 16 De Jakob war de Papp vum Jouseph, der Maria hirem Mann;
si war d'Mamm vum Jesus,
dee Christus genannt gött.
- 18 Mat dem Jesus Christus senger Gebuert war et esou:
Seng Mamm Maria war dem Jouseph versprach.
Nach éier si zesummegelieft hunn,
huet sech gewisen, datt d'Maria an aneren Ëmstänn war –
vum hellege Geesch.
- 19 De Jouseph, hire Mann,
dee gerecht war, awer si net bloussstelle wollt,
huet decidéiert, si heemlech fortzeschécken.
- 20 Iwwerdeems hien doriwwer nogeduecht huet,
ass him am Dram en Engel vum Här erschéngen
a sot: "Jouseph, Jong vum David,
fäert net, fir d'Maria, deng Fra, bei dech ze huelen!
Dat Kand, dat si erwaart,
ass nämlech vum hellege Geesch.
- 21 Si kritt e Jong,
dee solls du Jesus nennen,
well hien ass deen, deen säi Vollek vun senge Sënne rett."
- 24a Wéi de Jouseph erwächt ass,
huet hien dat gemaach,
wat dem Här säin Engel him opgedroen hat.

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
A. *Dech, Christus, luewe mir.*